# MENG GEMENG

pétange
MOTIVATION COMMUNE an Du

LE MAGAZINE DE LA COMMUNE DE PÉTANGE

AUGUST - SEPTEMBER 2023



## FEIERLECHKEETE VUM 9. SEPTEMBER

*Ob Dodge oder Jeep, den 9. September 1944 war all Won mam wäisse Stär d'Zeeche vun der Fräiheet - eng Fräiheet, déi mir all Joer feieren.*






**Édito** 3
*Eng Investitioun fir d'Zukunft*

**Virstellung vum neie Schäffen- a Gemengerot** 4
*Après les élections communales du 11 juin 2023, le nombre d'élus au conseil communal est désormais de 19 dont 5 au collège des bourgmestre et échevins et 14 conseillers communaux.*

**Schoulrentrée** 7
*Am Abléck ass et roueg an a ronderëm de Schoulgebaier aus der Gemeng. D'Summervakanz ass däitlech ze spieren. Wat awer net heescht, datt näischt hei geschitt! D'Regiebetriber aus der Péitenger Gemeng sinn nees amgaang, d'Raim op Vordermann ze bréngen...*

**AGENDA** 8
*Août - Septembre*

**Wat war lass?** 10

**Pétange culinary** 12

**Nationalfeierdag** 18

**Feierowend um Afterwork** 22

**Mir gratuléieren** 30

**D'Gemeng informéiert** 32
*Nei Mataarbechterinnen*
*Eng Ära geet op en Enn*
*Den 8. Oktober 2023 si Chamberwalen*
*D'Bréifwal ufroen*
*Cours de langues luxembourgeoise et française*
*Cours de langue italienne*
*City-App Pétange*
*RPL-TV: de Programm vum 1.8 bis den 31.8*
*Radio Péiteng on Air*

**Vakanzaktioun Ofschloss** 36


# IMPRESSUM


**Éditeur :**
Administration communale de Pétange
B.P. 23 • L-4701 Pétange
Tél. : 50 12 51-1000
Fax : 50 12 51-2000
www.petange.lu
commune@petange.lu

**Comité de rédaction :**
Pia Hansel, Jean-Paul Oms

**Photos :**
Service Culture et Communications, Laurent Blum, Joël Schadeck, Milena Milenkovic, Seniorie St Joseph Pétange, Lugdivine Unfer, Konektis, Louis Spautz, Claude Piscitelli, Sandra Weis, André Martins Dias

**Mise en page & impression :**
Imprimerie Heintz, Pétange

PRINTED IN LUXEMBOURG

„Meng Gemeng",
imprimé sur du papier 100% recyclé,
paraît 6 fois par an.

La revue est distribuée gratuitement à tous les ménages de la commune de Pétange.

**Édition :**
Août - Septembre 2023

ISSN 1993-0070

# Eng Investitioun fir d'Zukunft

Et ass roueg ginn an der Péitenger Gemeng. D'Stroosse sinn eidel, d'Kanner hunn sech och rar gemaach op de Spillplazen a vill Rollluede bleiwe moies zou. Dat sinn d'Zeechen, datt d'Summervakanz an de „Congé collectif" amgaange sinn an e ganze Koup vun eisen Awunner an der Vakanz ass. Ma mir wësse jo awer och all, datt an deenen zwee Méint, wou d'Schoulen eidel sinn an d'Maison Relaise méi lues wäerten dréinen, méi séier eriwwer ginn ewéi engem dat léif ass. An de Schoulen an Opfangstrukture gëtt dowéinst äifreg geschafft fir datt déi geplangten Aarbechten ëmgesat kënne ginn.

Gehäit een e kuerze Bléck op d'Zuele vun der Schoulrentrée 2023/2024, da kann ee just staunen, wéivill Kanner an der Tëschenzäit an eiser Gemeng an d'Grondschoulen esouwéi an de Précoce ginn. Iwwer 2000 Kanner wäerte vum 15. September un nees déi 130 Klassesäll an de Schoulgebaier fëllen. Zënter Joren ass d'Gemeng Péiteng schonn amgaang, déi eenzel Gebaier an deenen dräi Uertschaften ze vergréisseren oder ze erneieren an an engems z'erweideren. Gutt Beispiller sinn do d'Schoulgebaier *Beim Tëtelbierg* zu Lamadelaine, *An Eigent* zu Péiteng an och d'*Neiwiss* zu Rodange, wou vill investéiert gouf an nach ëmmer gëtt fir der Populatioun, déi immens gewuess ass, kannergerecht Infrastrukturen ze bidden. Zousätzlech wäert dann och zu Rodange am Zentrum am Laf vun den nächste Joren e ganz neie Schoulkomplex entstoen, wou déi éischt Aarbecht dat anert Joer uginn.

A wee vu Kanner schwätzt, deen dierf natierlech och d'Maison Relaisen aus der Gemeng net vergiessen. Och an dësem Beräich gouf an deene leschte Jore massiv investéiert an et sinn nei Opfangstrukturen entstanen. Ronn 800 Kanner wäerten ab der Rentrée betreit ginn, an et sollen nach méi Plazen an de Maison Relaisen derbäikomme fir d'Elteren z'entlaaschten. Ganz an deem Sënn mécht de Komplex *Op Gehren* zu Lamadelaine an nächster Zukunft seng Dieren op iwwerdeems zu Péiteng den éischte Spuedestéch fir eng zweet Maison Relais géintiwwer vun der Schwämm gemaach gouf. Eng weider Ariichtung wäert och zu Rodange am Kader vum Schoulkomplex tëscht der Päsch-Schoul an der rue Nic. Biever entstoen. Dann dierfte méi wéi 1200 Kanner an de Maison Relaisen ënnerkommen. Och wann et fir deen een oder aneren eventuell net déi perfekt Léisung duerstellt, esou bidde mir duerch dës Raimlechkeeten – déi, déi scho bestinn, an och déi, déi nach entstoe wäerten – de beruffstätegen Elteren oder eleng Erzéienden eng Méiglechkeet, hir Kanner de Moment vun 107 qualifizéiert Persoune betreit ze wëssen. Eng Sécherheet, déi hinnen et méi einfach mécht, schaffen ze goen ouni sech Suerge mussen ze maachen. Mir investéieren an de Kanner hir Zukunft, esou datt si all d'Chance op e beschtméigleche Start kréien.

De Schäfferot





# Deen neie Péitenger Gemengerot

*Après les élections communales du 11 juin 2023, le nombre d'élus au conseil communal est désormais de 19 dont 5 au* ***collège des bourgmestre et échevins et 14 conseillers communaux****.*

***Les consultations se font sur rendez-vous par tél. (+352) 50 12 51-2011 ou -2012.***

*Les ressorts des membres du* ***collège des bourgmestre et échevins*** *furent répartis comme suit :*



**Jean-Marie HALSDORF (CSV)**
**Bourgmestre**

**Ressorts :**

- *Présidence du collège des bourgmestre et échevins et du conseil communal*
- *Coordination des affaires générales et de l'administration*
- *Bâtisses et aménagement communal*
- *Etat civil*
- *Sécurité (Police et Agents municipaux)*
- *Service des secours*
- *Publications communales et informations aux citoyens*
- *Cérémonies et fêtes publiques*
- *Culture (y compris centres culturels)*
- *Jumelages*
- *Tourisme*
- *Affaires régionales*
- *Culte (y compris églises)*



## Romain MERTZIG (LSAP)
### 1er échevin

**Ressorts :**

- *Ressources humaines*
- *Coordination des services de régie*
- *Infrastructures routières et réseaux*
- *Circulation routière*
- *Affaires économiques et zones économiques*
- *Piscines communales*



## André MARTINS DIAS (CSV)
### 2e échevin

**Ressorts :**

- *Finances et budget*
- *Enseignement fondamental (y compris bâtiments scolaires)*
- *Jeunesse (y compris maisons des jeunes)*
- *Intégration*
- *Patrimoine communal*
- *Informatique*



## Guy BRECHT (LSAP)
### 3e échevin

**Ressorts :**

- *Affaires sociales*
- *Famille, Seniors et Loisirs*
- *Sports (y compris infrastructures sportives et centres sportifs)*
- *Commerce local*
- *Logements (sociaux)*
- *Bâtiments administratifs*



## Maria AGOSTINO (CSV)
### 4e échevin

**Ressorts :**

- *Environnement, Gestion Eau et ordures*
- *Structures d'accueil communales (y compris maisons-relais et crèches)*
- *Enseignement musical (y compris école de musique)*
- *Santé*
- *Parcs, Bois et Cimetières*
- *Politique de l'Egalité*

### Le conseil communal

Les séances du conseil communal sont publiques – sauf avis contraire – et il se réunit au moins une fois tous les 3 mois sous la présidence du bourgmestre et en présence du secrétaire communal. Les élus au sein du conseil communal sont :



**Barbara AGOSTINO (DP)**



**Patrick ARENDT (CSV)**



**Nicolo BARNABO (LSAP)**



**Romain BECKER (déi gréng)**



**Gaby BIRTZ (LSAP)**



**Marie-Louise BOUCHÉ-BERENS (DP)**



**Raymonde CONTER-KLEIN (CSV)**



**Jean-Pierre ECKER (Piraten)**



**Marc GOERGEN (Piraten)**



**Pierre MELLINA (CSV)**



**Teresa MONTEIRO (Piraten)**



**Romain SCHEUER (déi gréng)**



**Christian WELTER (Piraten)**



**Patrick WELTER (LSAP)**

# D'Rentrée am Iwwerbléck



Am Abléck ass et roueg an a ronderëm de Schoulgebaier aus der Gemeng. D'Summervakanz ass däitlech ze spieren. Wat awer net heescht, datt näischt hei geschitt! D'Regiebetriber aus der Péitenger Gemeng sinn nees amgaang, d'Raim op Vordermann ze bréngen, esou datt am September den Unterrecht ouni Problemer kann ulafen.

## E puer Zuele fir d'Rentrée

**Schoul Lamadelaine**
Zyklus 1: (Précoce): 20 Kanner
Zyklus 1: 67 Kanner
Zyklus 2-4: 253 Kanner

**Schoul Rodange**
Zyklus 1: (Précoce): 32 Kanner
Zyklus 1: 174 Kanner
Zyklus 2-4: 500 Kanner

**Schoul Péiteng**
Zyklus 1: (Précoce): 54
Zyklus 1: 228 Kanner
Zyklus 2-4: 718 Kanner

D'Gesamtzuel vun de Kanner, déi am September an der Péitenger Gemeng an d'Schoul ginn, steet aktuell bei 2056. Dovunner sinn der 106 am Précoce, 469 am 1. Zyklus an 1481 Kanner an den Zyklen 2-4. D'Moyenne pro Klass läit tëscht 15,1 a 15,8 Schüler – ouni de Précoce.

Fir d'Rentrée ginn et an deene verschiddene Gebaier 130 Klassesäll. D'Appui-Stonne leien dëst Joer bei 533.

Zousätzlech zu de Klassentitulairë ginn et fir d'Rentrée 2023/2024 nach 10 zousätzlech Posten, an zwar 1-2 fir d'Logopädie, 7 fir de Cours d'accueil an 1 fir d'Naturschoul Lasauvage.

## Unterrechtszäiten an der Schoul

Fir d'Schüler aus de Grondschoule fänkt den Unterrecht de 15. September 2023 un an dauert bis de 15. Juli 2024.

Vu méindes bis freides gëllen dës Schoulzäiten fir d'Zyklen 2-4: moies vu 7.55 bis 10.05 Auer a vun 10.20 bis 12.05 Auer, nomëttes vu 14.00 bis 15.45 Auer.

Am Zyklus 1 sinn d'Kanner zu dësen Zäiten an der Schoul: moies vu 7.55 bis 11.45 Auer (Paus vun 9.45 bis 10.00 Auer) an nomëttes vu 14.00 bis 15.45 Auer.

## De Schoultransport

Zu Rodange an zu Péiteng fonctionnéiert och am nächste Schouljoer nees de Schoultransport fir d'Kanner aus den Zyklen 1 bis 4 – mat Ausnam vum Précoce. Weider Informatiounen iwwer d'Auerzäiten an d'Strecke kritt ee beim Schoulservice vun der Péitenger Gemeng.

## D'Museksschoul aus der Péitenger Gemeng

An der Museksschoul fänken d'Coursen de 16. September un, dat nodeems de 15. September d'Klasse festgeluecht ginn.

Zënter dem leschte Joer ass de Museksunterrecht zu Lëtzebuerg dann och fir Schüler ënner 26 Joer gratis, dëst gëlt fir quasi alleguer d'Coursen, déi ugebuede ginn.

Informatiounen an Detailer zu alle Coursen esou wéi eng Online-Aschreiwung (esoulaang nach Plaze fräi sinn) ginn et um Internetsite **www.museksschoul.lu** respektiv am Sekretariat vun der Museksschoul (vum 8. September un) iwwer Tel. 50 12 51 – 5600.




## Nëtzlech Kontakter

**Service Enseignement vun der Gemeng**
Tel. 50 12 51 – 2050 / 2053 / 2052
(enseignement fondamental)

**Service Maisons Relais vun der Gemeng**
Tel. 50 12 51 – 2055 / 2056 / 2057

**Service Médico-Socio-Scolaire**
*Medezinesche Volet:*
Natalia Nogueira Almeida: Tel. 621 351 776
*Soziale Volet:*
Esther Bianconi, Tel. +352 621 989 285
Svenia Hunnewald, Tel. +352 621 351 775

# AGENDA

## Août-Septembre

### PABEIERSAMMLUNG ZU RODANGE A LAMADELAINE

**Nëmme Päck ënner 10 kg gi matgeholl!**

**D'Päck oder d'Kartongskëschten dierfen och net a Plastikstuten agewéckelt sinn!**

**LAMADELAINE:**
**DEN 08.09. AN 13.10.**
**RODANGE:**
**DEN 18.08. A 15.09.**

Org.: Gemeng Péiteng



### PABEIERSAMMLUNG ZU PÉITENG

Vu moies fréi bis nomëttes

**Nëmme Päck ënner 10 kg gi matgeholl!**

**D'Päck oder d'Kartongskëschten dierfen och net a Plastikstuten agewéckelt sinn!**

**PÉITENG:**
**DEN 02.09. AN 30.09.**

Org.: Guiden a Scoute vu Péiteng

### 11.09. an 02.10.
### BICHERBUS

Péiteng, J.F. Kennedy-Plaz
vun 10.45 bis 11.45 Auer

Rodange bei der Sportshal
rue Jos. Moscardo
vun 13.15 bis 14.15 Auer

Gratis Bicher, Audio-Bicher an DVDe léinen.

Info iwwer
Tel.: 80 30 81 (Romain Kayser)
oder per E-Mail:
bicherbus@bnl.etat.lu

Um Internet ënner:
https://cutt.ly/6wfr5Xli

Org.: Kulturministère

### MINETT PARK FOND-DE-GRAS

Tel.: +352 26 58 20 69 /
e-mail: info@minettpark.lu

### 20.08., 27.08., 03.09. und 10.09.
### SONNTAGSWANDERUNG

Mit Ursula Schinzel auf Wandertouren rund um das ehemalige Bergbaugelände

Treffpunkt:
10.30 Uhr vor der Paul-Wurth-Halle im Fond-de-Gras

Dauer: 1 Stunde

Kostenlos

### 13.08.
### WANDERUNG „GIELE BOTTER"

Treffpunkt:
10 Auer bei der Epicerie Binck am Fond-de-Gras

Dauer: 2 Stonnen

Umeldung obligatoresch iwwer
https://tinyurl.com/4pp5d9z2

Präis: 5€

### 01.10.
### FOND-DE-GRAS MEETS DIESEL CLASSICS

Von 11 bis 18 Uhr

Unterwegs mit Diesellokomotiven aus den 1950er

Club Senior Prënzebierg

27-29 rue Michel Rodange,
L-4660 Déifferdeng

### 27.08.
### JOURNÉE DES RANDONNÉES «BIM DIEDERICH»

Pétange – Centre sportif
Bim Diederich (rue Pierre Hamer)

Pour licenciés et non-licenciés

Parcours de 20, 58, 87 et 132 km

Inscription à partir de 7h45

Départ à partir de 8h00

Org. : Union Cycliste Pétange

### 06.09. et 04.10.
### MARCHÉ MENSUEL

Pétange – place J.F. Kennedy

De 8h00 à 12h00

Org. : Association des professionnels des foires et marchés asbl


### 08.09.
### SWINGIN' FRIDAY

Péiteng
Park Théophile Kirsch
(hanner der Gemeng)

Ufank: 17 Auer

Musikalesch Animation
mat *Déi zwee Groer*

Org.: Syndicat d'Initiative et de Tourisme de la Commune de Pétange




### WEEKEND DE LA LIBÉRATION
### 09.09.

10h30 Rendez-vous devant le cimetière de Pétange et dépôt de fleurs sur les tombeaux de Jean Jung et Karl Schoener

11h00 Cérémonie commémorative devant le monument Hyman Josefson

Allocutions et dépôt de fleurs

11h45 Verre de l'amitié

### 10.09.

10h30 Cérémonie commémorative devant la Borne du Passeur avec allocution et dépôt de fleurs

11h00 Intronisation dans l'Ordre de Chevalerie au Home St Hubert suivie d'une réception officielle

Org. : Comité du Souvenir de la Commune de Pétange

**11.09.**
### RÉUNION ÉLECTORALE
Lamadelaine - Centre de loisirs
Début : 19h00
Org. : CSV Gemeng Péiteng







**24.09.**
### REPAS DE BIENFAISANCE
Rodange – Centre culturel
Début : 11h30
Infoen a Reservatiounen
iwwer Tel. 661 700 608
Org.: Fraen a Mammen
– Jeunes Mamans Rodange

**23.09.**
### COLLECTE DE VIEUX VÊTEMENTS, SOULIERS ET AUTRES TEXTILES
Pétange, Rodange et Lamadelaine – toute la journée à partir de 9h00
Prière de mettre les sacs neutres sur le trottoir le jour respectif
Infos sur www.kolping.lu
Org. : Société Kolping du Grand-Duché de Luxembourg




**24.09.**
### KIDS' SECONDHAND
Lamadelaine – Fräizäitzenter
Vun 9 bis 17 Auer
Verkaf vu Kleeder, Spillsaachen avm
Reservatiounen an Informatiounen iwwer e-mail (hmrl@pt.lu)
Org.: Harmonie des Jeunes Rodange-Lamadelaine

**29.09.**
### RÉUNION MENSUELLE
Rodange – Centre culturel
De 17h00 à 19h00
Entrée libre
Org. : Cercle Philatélique Rodange




clubsenior

### CLUB SENIOR PRËNZEBIERG
**27-29, rue Michel Rodange zu Déifferdeng**
**Tel.: 26 58 06 60**
**e-mail: prenzebierg@clubsenior.lu**
**Kontaktpersoun: Geneviève FABER**
**Viremente fir Reservatiounen op de Konto CCPLULL – IBAN LU91 1111 1007 2640 0000**

**08.09.**
### GENTLEMEN'S TIME
Stade de Luxembourg
Gitt mat eis de Match Lëtzebuerg-Island kucken an déi rout Léiwen ënnerstëtzen
Rendez-vous: 19.15 Auer um Parking Plateau des Hauts Fourneaux zu Déifferdeng
Ticketspräis gëtt bei der Umeldung matgedeelt
Transport: 12€

**22.09.**
### CAFÉ DES LANGUES
De 19h00 à 21h00 au club
Plate-forme interculturelle et transgénérationnelle pour faire de nouvelles connaissance et apprenant davantage sur la langue (lux, fr, ital, port) et la culture des interlocuteurs. Choix libre des langues.
Gratuit

**01.10.**
### SENIOREN-SPEEDDATING
Vun 13.30 bis 17.00 Auer
Am Ale Stadhaus zu Déifferdeng
Sie möchten neue Leute aus Ihrer Umgebung kennenlernen?
Wir laden Sie ein auf einen Drink und einige Dates.
Zusätzliche Auskunft sowie Anmeldung beim „Service Senior Plus",
Tel.: 58 77 1-1301 (Nadine Breuskin)

Plus d'informations sur www.petange.lu

# Wat war lass?



**26-28.05.2023** - *La Fête des Voisins est certes une très bonne occasion de rencontrer les gens du voisinage, de s'entretenir, de mieux se connaître et de passer des moments agréables ensemble. Bien souvent, l'anonymat règne dans les localités et cette fête offre une excellente opportunité de souder le sentiment d'appartenance au sein d'une rue, d'un quartier.*





**25.05.2023** - *Zwei mit einem Schlag, so könnte man die offizielle Inbetriebnahme der Park- und Fußgängerleitsysteme umschreiben. Die LED-Anzeigetafeln des PLS – augenblicklich nur in Petingen - sollen die parkenden Fahrzeuge auf den Parkplätzen erfassen und somit die Belegungsrate in Realzeit widerspiegeln. Die 11 Stelen und 250 Wegweisschilder des FLS sollen Einheimische sowie Besucher anhand von Piktogrammen, Gehzeiten und Entfernungen zu bestimmten Zielen führen.*











**02.06.2023** - *Am Roude Schapp am Fond-de-Gras stoung e flotten Owend um Programm: Night Train. Mam historeschen Zuch goung et dohin an zeréck fir déi Leit, déi op Entdeckungsfahrt waren. Mat Wäin, Crémant, Béier, Kéis, kleng Häppercher a villes méi koum jiddereen op seng Käschten. Och un d'Frënn vun Zigare gouf geduecht, well et war e „wagon fumoir“ op der Plaz fir eng interessant Selektioun unzebidden. A fir den Owend musikalesch ofzerënnen hunn d'Comboen aus der Péitenger Musekschoul mat live Optrëtt gesuergt.*














# PÉTANGE CULINARY



*Ob séiss, sauer, flësseg oder fest, eng sëllech kulinaresch Spezialitéite konnten all déi Leit entdecken, déi sech an déi verschidde Coursen ugemelt haten, déi d'Gemeng Péiteng iwwer e puer Wochen organiséiert hat. Do goung et vum BBQ iwwer Cocktailen a Paella bis bei d'ayurvedesch Kichen, esou datt eng breet Palette vu gudde Platen ugebuede gouf. An den Uklang war immens grouss, well d'Plaze gounge wuertwiertlech fort ewéi „warme Semmeln".*

























**05.06.2023** - *Fuerweg vu baussen, hell bannenan, an esou engem Gebai kann een sech scho wuel fillen als Kand awer och als Member vum Betreiungs- a Léierpersonal. Hei geet et ëm déi nei Maison Relais/Schoul zu Lamadelaine, déi viru kuerzem ageweit gouf. Hei kënnen an Zukunft ëm déi 200 Kanner betreit an och bekäschtegt ginn. Käschtepunkt vun dësem neie Bau: ronn 18 Milliounen Euro.*



















**06.06.2023** - *Après de longs mois de travaux, ce fut enfin le moment de l'inauguration du nouveau pavillon 'K' sur la place John F. Kennedy renouvelée à Pétange. Voilà une bonne occasion pour s'attarder au centre de la localité et de s'offrir un moment de repos dans un cadre moderne mais chaleureux soit à la terrasse ou à l'intérieur du pavillon, car il est bien connu que « boire une petit coup c'est agréable » !*







**07.06.2023** - *Am Lotissement Neiwiss 2 goungen ufanks Juni d'Infrastrukturaarbechten op en Enn. An nodeems d'Stroossen elo duerch dësen neie Wunnquartier gebaut si wäerten d'Aarbechten un de Logementer och net laang op sech waarden. Hei soll erschwéngleche Wunnraum mat Eefamilljenhaiser an enger klenger Residenz entstoen.*










**07.06.2023** - *Am Kader vun „100 Joer Gëlle Fra" haten d'Gemenge Péiteng a Käerjeng op en Nomëtteg op de Spuere vum Claus Cito invitéiert. Ugefaange gouf mat engem Spadséiergang zu Käerjeng, wou de Jean Reitz déi noutwendeg Erklärunge ginn huet zum Kënschtler senge Wierker a senger Verbonnenheet mat béiden Uertschaften. Um Enn vun dëser Entdeckungstour hat déi Péitenger Gemeng op e Patt an den Home St. Hubert agelueden.*















**09.06.2023** - *Et war nees Kiermes am Duerf zu Péiteng an, ewéi dat schonn iwwer ganz vill Joren eng Traditioun ass, hat de Syndicat d'Initiative vun der Péitenger Gemeng op den Hämmelsmarsch agelueden, ier dann op der Maartplaz ganz offiziell de Bändche vum Buergermeeschter durchgeschnidde gouf. Eng Delegatioun vun der lokaler Museksgesellschaft huet dës kuerz Zeremonie begleet. A wéi kéint et anescht sinn, huet och e gutt Stéck Kiermeskuch net dierfe feelen.*






**10.06.2023** - *Am 10. Juni stand der Tag der offenen Tür im Mittelpunkt der Jugendhäuser in Luxemburg. Auch die Begegnungsstätte in Petingen bot den Jugendlichen eine ganze Reihe Aktivitäten an, u.a. ein Kochworkshop, wo Pfannkuchen auf dem Menü standen und zur Erfrischung etwas Wassermelone angeboten wurden. Etwas verrückter ging es im Gladiatorenspringschloss zu, wo die „Schaukämpfe" die Lachmuskeln der Besucher strapazierten.*

















# NATIONALFEIERDAG 2023
















SONOR



**10.06.2023** - *Trompette, violon, piano, saxophone, chant.... la palette des instruments est assez vaste, et l'école de musique de la commune de Pétange a, depuis des décennies, essayé d'offrir la chance aux enfants, adolescents et adultes de jouer un instrument de musique de leur choix ou de perfectionner leur talent de chanteur ou chanteuse. La qualité des cours offerts se reflète d'année en année sur le nombre croissant des étudiant(e)s. Et cette année aussi, de nombreux futurs musiciens se sont déjà inscrits pour les cours de l'année scolaire à venir.*






















*01.07.2023* - *A vos marques, prêt, partez ! C'est au Doihl à Rodange que les participants de la marche gourmande ont entamé le tour préparé jusque dans les plus petits détails. Du premier petit pain aux étapes culinaires au moulin de Lamadelaine, au Café Am Home et au Pavillon ‚K' pour finir au Chalet Langwiss où le dessert fut servi pour conclure ce tour, les marcheurs ont tous apprécié les spécialités servies avec un peu d'exercice en bonus. A la prochaine en 2024 !*


















# FEIEROWEND UM AFTERWORK





*No de laangen Deeg op der Aarbecht stoung während 7 Wochen all Donneschdeg Owend e flotten Ausklang vum Dag beim WAX um Programm. Musik, gutt Mäifelcher, e Patt, an dat alles a gudder Gesellschaft, hunn esou wéi d'lescht Joer vill Leit ugelackelt, déi vun dëse Stonne profitéiert hu fir sech mat Famill, Frënn a Bekannten z'ënnerhalen an den Alldag e bëssi ze vergiessen. A fir eng besonnesch Editioun huet den Thé dansant gesuergt, deen dëst Joer fir d'éischt um Programm stoung.*



















NVN
group
Gelato italiano
Gelato italiano
NVN


TAST
FOOD
COOL DRINKS
FRESH SOFT JUICES
T ILETS
OUNGE BAR
FLOOR



**08.07.2023** - *Zu Péiteng am Skatepark stoung ufanks Juli nees eng Kéier den Hip Hop ‚N' Air mat Concerten, DJ-en, Beatboxen an och Graffiti am Mëttelpunkt vum Dag. Bei fräiem Entrée konnt jidderee vu 14 Auer un an de Graffiti- a Skate-Workshoppe matmaachen. Eng Offer, déi och gären ugeholl gouf. Och wann d'Räng net ganz gefëllt waren, esou hunn d'Kënschtler op der Bühn bis an den Owend era fir Stëmmung gesuergt.*













**08.07.2023** - *Vu Kleeder iwwer Spillsaachen an nach eng ganz Rei aner Schnäppercher gouf et um Péitenger Stroossemaart vill ze gesinn an ze kafen. Ma och Uebst a Geméis goufen ugebueden iwwerdeems bei den Informatiounsstänn – z.B. vun der CMCM oder de politesche Parteien – versicht gouf, op eventuell Froen esou gutt ewéi méiglech ze äntwerten.*







**09.07.2023** - *D'Pompjeeën aus der Péitenger Gemeng ware voll motivéiert fir hiirt Kënnen awer och hir Ausstattung bei Geleeënheet vun hirer Porte ouverte ze weisen. Hei housch et net just kucken a lauschteren, et konnt een och eng Hand mat upaken esou wéi besonnesch déi Jonk dat mam Waasserschlauch probéiert hunn. A selbstverständlech hat de Pompjeescorps och nees fir déi néideg Erfrëschung an de gudde Maufel gesuergt.*





















**16.07.2023** - *Zwee Deeg laang stoungen de gudde Kascht a Musik am Mëttelpunkt zu Péiteng am Park. All déi kulinaresch Offerten, awer och den Entertainment hu groussen Uklang fonnt bei de Leit aus der Gemeng an doriwwer eraus. Fir de perfekte musikalesche Kader hunn d'Comboe vun der Musekschoul, Ramblin' South, Renegade Dukes, Johanna Red Band, Stelise, Thunderroad, Heavy Petrol an den DJ Miles gesuergt, déi mat hirem jeweilege Repertoire iwwerzeege konnten.*


















**16.07.2023** - *Virun e puer Woche war d'Madamm Joyce Slusher zu Péiteng. Si ass d'Duechter vum Frank Slusher, engem amerikaneschen Zaldot, deen un der Befreiung vu Péiteng bedeelegt war, an dem Yvonne Fusenig, enger Lëtzebuergerin, déi zesumme mat hirem Mann am Tennessee doheem waren. Vertrieder vum Schäfferot hunn si um Square Hyman Josefson empfaangen. No enger Visite am Espace muséologique 9'44 huet d'Gemeng den Éirewäin offréiert.*





**24.07.2023** - *En collaboration avec le ministère de la Famille, de l'Intégration et à la Grande Région et avec le Syvicol, la commune de Pétange a contribué à l'élaboration d'un nouveau Guide du citoyen personnalisé dont une copie fut officiellement remise par le ministre Max Hahn lors d'une cérémonie. Le Guide du citoyen s'adresse surtout aux nouveaux arrivants dans la commune afin de leur permettre un meilleur acclimatement dans la communauté.*





**29.07.2023** - *Viru 40 Joer ass de Louis de Funès gestuerwen, en Aushängeschëld vum franséische Film an e Komiker, deen ëmmer nees d'Leit zum Laache bréngt. De Syndicat d'Initative vun der Péitenger Gemeng hat op en Dag mam Louis de Funès agelueden. Nieft Ausstellungsstécker, Souveniren a gutt Mäifelcher – inspiréiert aus de Filmer – goufe Filmer gewisen a fir déi eng oder aner Iwwerraschung gesuergt.*















**20.07.2023** - *In den vergangenen 4 Jahrzehnten haben mehr als 37000 junge Musiker aus den Vereinigten Staaten an den Touren des „American Music Abroad"- Programms durch Europa teilgenommen. Dieses Jahr stand wiederum Petingen auf der Reiseroute der jungen Musiker, die mit ihrem Talent gelegentlich eines Konzertes auf dem John F. Kennedy-Platz zu überzeugen wussten. Im Vorfeld hatten sie das Denkmal zu Ehren vom US-Soldaten Hyman Josefson besucht.*









# Mir gratuléieren!



Virun 90 Joer gouf d'**Madamm Josette Meguin-Schneider** gebuer an dierf elo, bei stabiler Gesondheet, op 9 aktiv Jorzingten zeréckkucken. E Pättchen op hir Gesondheet huet dann och op dësem groussen Dag net dierfe feelen, an si huet gär mat Vertrieder vum Schäfferot geprost.

Fir säi 95. Gebuertsdag huet den **Här Roger Ehleringer** an der Seniorie St Joseph zu Péiteng ganz vill léif Wënsch vun de Pensionären, Vertrieder aus der Direktioun, vum Fleegepersonal, vun der Amicale vun der Seniorie an dem Schäfferot entgéintgeholl. Op dësem groussen Dag gouf och mat engem gudde Pättchen ugestouss. *(Umierkung vun der Redaktioun: Op der Foto ass d'Madamm Marguerite Ehleringer-Barth nach ze gesinn, déi ufanks Mee leider gestuerwen ass.)*





95 Joer jonk gouf zu Lamadelaine Enn Juni d'**Madamm Andrée Wolff-Gress**, déi nach bei gudder Gesondheet ass, hir Zeitung all Dag liest an sech mal vill Freed ëm hir Planze këmmert. Zesumme mat hirer Famill an zwee Vertrieder vum Schäfferot, déi hir op hirem groussen Dag gratuléiert an e schéine Kaddo iwwerreecht hunn, war d'Jubilarin frou, mat engem Patt ustoussen ze kënnen.



Den 11. Juni 1933 koum den **Här Gaston Junker** op d'Welt. Dat war e gudde Grond fir säin 90. Gebuertsdag am Krees vun der Famill ze feieren. De Péitenger Schäfferot huet de Jubilar, deen nach ganz gutt drop ass, mat enger schéiner Corbeille iwwerrascht an him och nëmmen dat Bescht fir säi groussen Dag gewënscht. Wann dat kee Grond war fir mat engem gudde Patt ze prosten!

C'est en 1928 que **Madame Maria Deolinda Dos Santos** a vu le jour dans son pays natal du Portugal. Récemment, elle a célébré son 95e anniversaire auprès de sa famille à Rodange et fut contente de recevoir les meilleurs voeux de bonheur d'une délégation du collège échevinal qui l'a surprise avec une corbeille bien garnie.





Op 9 Jorzingten huet den **Här Gaston Poos** zeréckgekuckt, wéi hien elo kierzlech säi Gebuertsdag an der Seniorie zu Péiteng gefeiert huet. Ëmgi vun senger Famill, Vertrieder aus der Direktioun, vum Fleegepersonal a vun der Amicale vun der Seniorie an aus dem Péitenger Schäfferot huet hien sech d'Geleeënheet net entgoe gelooss fir mat hinnen all unzestoussen.





Grousse Besuch hat sech an der Seniorie St. Joseph zu Péiteng ugekënnegt ewéi d’**Madamm Arlette Gilsoul** 100 Joer krut. Fir dës Geleeënheet koum de Familljeminister Max Hahn aus der Stad fir dem Gebuertsdagskand net nëmme seng eegen, awer och d’Gléckwënsch vum Haff z’iwwerbréngen.
E schéine Bouquet Blummen an eng gutt Schnekerei duerften natierlech och net feelen. D'Famill esouwéi Vertrieder aus der Direktioun, vum Fleegepersonal a vun der Amicale vun der Seniorie hunn der Madamm Gilsoul zesumme mam Péitenger Schäfferot nëmmen dat Bescht gewënscht. An ier dunn och nach op e Jorhonnert ugestouss gouf war et de Minister, deen dem Gebuertsdagskand d’Verdéngschtmedaille vun der Regierung ugespéngelt huet.



# Nei Mataarbechterinnen



Zënter dem 15. Abrëll 2023 schafft d’**Nathalie Flenghi** am Service Culture et Communications vun der Péitenger Gemeng.



Den 1. Juni 2023 huet déi Péitenger Gemeng d’**Laetitia Junk** als Archivistin agestallt. Hatt schafft deels zu Péiteng an och deels zu Käerjeng op der Gemeng.



De 15. Juli huet d'**Julie Marx** als Gemengenemployée am Sekretariat vun der Péitenger Gemeng ugefaangen ze schaffen.

# Eng Ära geet op en Enn



De 5. Juni souz de Roland Breyer fir d'leschte Kéier am Gemengerot. Mat 80 Joer, esou huet hiet gemengt, wier hien net méi deeselwechten ewéi fréier, an et wier un der Zäit, méi lues ze trieden. Zënter 1969 ass hien dobäi wann et drëms geet d'Gemeng Péiteng an de Mëttelpunkt ze stellen.

Seng politesch Carrière war vun de Walen an deene verschiddene Koalitioune geprägt. An och wann hien all déi Joren net selwer um Buergermeeschterstull souz – esouzesoen als Raymond Poulidor aus der Gemengepolitik -, huet dat awer näischt u sengem Asaz geännert. An all deene Joren hat hien zwee grouss Dadaen, fir déi hien och vill ënnerwee war: de Verkéier an d'Kultur. Zwee Gebitter, wou säin Asaz onermiddlech war bis zulescht.

De Roland Breyer war vun 1970-1983 a vun 1988-2023 Member vum Gemengerot. Schäffe ware hie vun 1978 bis 1981, vun 1988 bis 1993 a vun 2000 bis 2017. Alles an allem waren dat ronn 1300 Schäfferotssëtzungen an e ganze Koup Gemengerotssëtzungen. Mir wënschen alles Guddes fir déi nei Etapp!

# Den 8. Oktober 2023 si Chamberwalen

Bei de Legislativwalen am Oktober gi 60 Deputéiert gewielt, déi d'Vollek sollen am Parlamant vertrieden. D'Mandat dauert 5 Joer.

Fir bei de Chamberwale kënne matzemaache muss een:

- Lëtzebuerger sinn
- Um Waldag 18 Joer hunn
- Am Besëtz vu sengen zivilen a politesche Rechter sinn
- Säin Wunnsëtz zu Lëtzebuerg hunn (Lëtzebuerger, déi am Ausland wunnen, kënnen iwwer Bréifwal un de Chamberwalen deelhuelen).

Ausgeschloss vun de Walen sinn déi Persounen, déi strofrechtlech veruerteelt sinn a kee Walrecht hunn.

# D'Bréifwal ufroen

Jiddfer Wieler kann d'Bréifwal fir d'Chamberwalen ufroen. D'Bréifwal kann elektronesch iwwer www.MyGuichet.lu, schrëftlech oder op engem virgedréckte Formulaire, deen een am Biergerzenter vun der Gemeng Péiteng kritt oder um Internetsite **http://fvc23.ptng.lu/** kann eroflueden, ugefrot ginn.




Eng Demande fir d'Bréifwal kann nach **bis den 29. August 2023** ugefrot gi wann d'Convocatioun muss op eng **Adress am Ausland** geschéckt ginn.

Eng Demande fir d'Bréifwal kann nach **bis den 13. September 2023** ugefrot gi wann de Wieler d'Convocatioun muss op eng **Adress zu Lëtzebuerg** geschéckt kréien.

Opgepasst! Jiddereen, deen d'Bréifwal ugefrot huet, **DIERF NET** um Waldag an e Walbüro wiele goen!




# Cours de langues luxembourgeoise et française

**Luxembourgeois pour débutants A.1.1**
- Du lundi au jeudi de 19h00 à 21h00
- Lundi un cours supplémentaire de 17h00 – 19h00

**Luxembourgeois pour débutants A.1.2 (cours A.1.1 requis)**
- Du lundi au mercredi de 19h00 – 21h00

**Luxembourgeois pour initiés A.2.1 (cours A.1.2 requis)**
- Du mercredi au jeudi de 19h00 – 21h00

**Luxembourgeois pour initiés A.2.2 (cours A.2.1 requis)**
- Du mardi au mercredi de 19h00 – 21h00

**Luxembourgeois pour avancés B.1.1 (cours A.2.2 requis)**
- Lundi de 19h00 – 21h00

**Luxembourgeois pour avancés B.1.2 (cours B.1.1 requis)**
- Mardi de 19h00 – 21h00

**Français pour débutants A.1.1**
- Du lundi au mardi de 19h00 – 21h00

**Français pour initiés A.1.2 (cours A.1.1 requis)**
- Mardi de 19h00 – 21h00

**Début des cours :** le lundi 2 octobre 2023

**Lieu :** Lycée Mathias Adam (avenue de l'Europe à Lamadelaine)

**Durée :** 17 semaines à raison d'une fois par semaine sauf pendant les vacances scolaires

Les inscriptions se font sur le site www.petange.lu ou par formulaire disponible à l'office des citoyens de la commune de Pétange. 25 places sont disponibles par cours et le coût s'élève à 100€ par personne et par cours. Le paiement se fait sur facture. Dès paiement, l'inscription sera confirmée.

**Pour d'éventuelles questions, veuillez contacter l'Office des citoyens par tél. +352 50 12 51-2028 ou par e-mail (service.biergerzenter@petange.lu)**

# Cours de langue italienne

organisés par le Syndicat d'initiative de Rodange


Les cours de la session 2023/2024 débuteront la première semain du mois d'octobre et se termineront en juin 2024.

- **Italien 1 pour débutants :** Mardi
- **Italien 2 pour intermédiaires :** Mercredi
- **Italien 3 pour avancés :** Jeudi
- **Italien 4 – conversation :** Lundi

Les inscriptions se feront les 25 et 26 septembre 2023 entre 19h30 et 20h30 au Centre culturel à Rodange. La fiche d'inscription électronique est à télécharger sur le site internet www.sirodange.com/cours-de-langue et à renvoyer à l'adresse électronique syndicat.rodange@gmail.com

Le coût par personne et par cours s'élève à 110€.

**Pour de plus amples informations veuillez appeler le +352 691 502 241 ou le +352 621 636 412 ou par e-mail (syndicat.rodange@gmail.com).**




Zënter kuerzem huet d'Gemeng Péiteng eng gratis City-App, wou d'Bierger praktesch Informatioune fannen. Et fënnt een dës App ënner dem Numm „Pétange" ë.a. am Google Play oder am App Store vun Apple.

Wann Dir méi dozou wëllt wëssen, da kuckt op https://petange.lu/city-app-petange/

## RPL-TV: de Programm vum 1.8 bis den 31.8

Wat war lass:

- Nationalfeierdag
- Marche Gourmande
- Hip Hop 'N' Air
- Pétange Culinary
- Porte Ouverte Pompjeeën
- Vereedegung vum neie Schäffen- a Gemengerot
- Afterwork & É-Thé Dansant
- Food and Music Festival
- Festival Louis de Funès

Commerce: de Stroossemoart

Reportage:
d'Fauna aus der Gemeng Péiteng - Mamendéieren

### CENTRE WAX

2, rue d'Athus, Pétange

### 28.09.
### GEORGES KIEFFER & JEAN ZIATA

Presentéieren eng literaresch-musikalesch Rees an zerwéieren hir Buchstawenzopp gewierzt mat Afrobeat. De Georges Kieffer liest aus senge Romaner a Kuerzgeschichten iwwerdeems de Jean Ziata de Gesang an och déi musikalesch Begleedung op den Instrumenter iwwerhëlt. Hie presentéiert Lëtzebuerger Vollekslidder op seng ganz eege Manéier – mat engem afrikaneschen Touch...

Dauer: 2X60 Minutten

Ufank: 20 Auer

Gratis Entrée

Reservatiounen iwwer
e-mail: masutti@pt.lu

Org.: Cercle Philatélique Rodange




pétange
MOTIVATION COMMUNE
an Du

www.petange.lu

# VAKANZAKTIOUN 2023, E SUPER OFSCHLOSS!













